**Kim Conrardy**
146 rue Jean Burger
F-57650 Fontoy

+352 661 77 55 74
conrardykim@gmail.com

**Ateliers Kräizbierg**
Attn. Ressources Humaines
180, route de Zoufftgen
B.P. 65
L-3401 Dudelange

Fontoy, den 18. November 2025

# Betreff : Grafiker (m/w/x) 100% CDI

Madame, Monsieur,

Mat méi wéi fofzéng Joer Beruffserfarung am Beräich Grafikdesign wëll ech mech gäre fir de Posten als Grafiker bei den Ateliers Kräizbierg bewerben. Ech hunn een zu Lëtzebuerg unerkannten Ofschloss an ech beherrschen d'Adobe Suite (Photoshop, Illustrator, InDesign) wéi och Microsoft Office.

Ech sinn et gewinnt un der Konzeptioun an un der Produktioun am Print- an Digitalberäich ze schaffen. Ech hunn eng grouss Erfarung mat alle Print-Supporten: Affichen, Broschüren, Flyer, Gadgeten, Textilien, klengen a grousse Formater. Op menge fréieren Aarbechtsplazen hunn ech vill mat internen an externe Servicer zesummegeschafft an d'Projete vun A bis Z koordinéiert respektiv kleng Ekippe geleet.

De soziale Kontakt an de mënschlechen Austausch sinn eng vu menge grousse Stäerkten - an och eppes, wat mir perséinlech um Häerz läit. An engem geschützte Milieu wéi den Ateliers Kräizbierg gesinn ech eng Aarbechtsplaz mat Wäerter, mat Respekt an Zesummenhalt, wou ech gäre mäin Deel dozou bäidroe géif.

Ech géif mech op e perséinlecht Gespréich freeë fir iwwer dëse Posten ze schwätzen. Ech bréngen och gär mäi Book mat, fir Iech meng Aarbechten ze weisen.

Mat beschte Gréiss,

